

## Rapport Referees' Commission - 17.06.2022

Present : Courtois, Frieseisen, Geib, Keiffer, Nesser, Simonelli, Weinzierl

Entschëllegt : Frieden, Kröpelin, Volz, Weber

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 26.04.2022.**

2) **Adoptioun vum Rapport d'Activités Referees' Commission**

3) **Cours fir C-Arbitter (nei Arbitter) : 2. Ulaf**

*De Cours fir déi nei C-Arbitter ass vum 8. bis den 10. Juli 2022.*

*Freiden 08.07.2022 19h00 – 21h00 Cours*

*Samschden 09.07.2022 09h00 – 10h00 Luc-Léger (AXA an nei Arbitter)*

*10h00 – 12h00 Cours*

*Zesumme Mëttegiessen an der Kantine vum INS*

*14h00 – 17h00 Cours*

*Sonnden 10.07.2022 09h00 – 12h00 Cours*

*Interesséiert Leit kënnen sech och nach owes umellen wann si do sinn.*

4) **Cours fir A-Arbitter**

*Hei feelt nach e Cours mat engem EHF Lekturer an de prakteschen Deel vum Cours.*

5) **Formation continue – Tester fir Saison 2022-2023**

*Samschden 09.07.2022 09h00 – 10h00 Luc-Léger*

*10h00 – 11h30 Reegeltest*

*Stage 27. an 28. August 2022*

*Well de geplangte Stage an der Belsche méi wéi duebel sou deier gi wier, ass de Stage nees zu Mondorf am Domaine Thermal.*

*Um Programm stinn déi nei Reegele, wéi och Course vun engem EHF Lekturer aus der Schwäiz.*

6) **SBO – Cours**

*Am Moment sinn nach keng Datumer festgeluecht. D'Course si fir am September programméiert. Interesséiert Leit kënnen sech awer schonn ënner arbitre(at)flh.lu umellen. Falls genuch Leit sech mellen, kann och ee Cours éischer gehale ginn.*

7) **Presentatioun „Nei Reegelen“ – (1 Coach an 1 Spiller pro AXA-Ekipp)**

*Datum : 28. August 2022*

*Wou : Domaine Thermale Mondorf*

*Auerzäit : 10h00 – 12h00*

*Fir wien : Coach a „Kapitän“ vun allen AXA-Ekippen (Fraen a Männer)*

*Hei kommen nach detailléiert Informatiounen no*

8) **Formatioun “tuteurs” an “jeunes arbitres »**

*D'RefCom plangt eng Formatiouns- an Iddiaustauschversammlung mat sämtlechen Tuteur an Jeunes Arbitres.*



- 9) **Assurance dégats matériel arbitres**  
*Wéinst engem akute Fall ass d'FLH am Gaangen ze kucken, wéi si hier Acteure nach besser verséchere kann.*
- 10) **Nei Uniformen**  
*Leider huet ee Sponsor vun dem corps arbitrale de Kontrakt net verlängert. D'RefCom ass a Kontakt mat engem eventuell neie Sponsoren, sicht awer och nach Alternativen.*
- 11) **Austausch Ausland**  
*D'RefCom ass am Moment am Gaangen een Arbitter-Austausch mam Grand-Est virzebereeden. D'Detailer mussen nach ausgeschafft an diskutéiert ginn.*
- 12) **Kontroll vun den Halen**  
*D'RefCom wëll d'Clubb drop opmierksam maachen, dass den neie Mëttelkrees virum Ufank vum Championnat muss „ofgeholl“ ginn. Wann eng Hal fäerdeg ass, soll de Club sech mam Francis Keiffer a Verbindung setzen ( [jkeiffer\(at\)pt.lu](mailto:jkeiffer(at)pt.lu) ) fir e RV auszemaachen.*

*Nächst RefCom Ufank Saison 2022/2023 zu Stroossen*